


Hëllef fir d'Iwwerschwemmungsaffer - Kachen fir 800 Leit

Eng Lëtzebuerger Amicale war dëse Weekend am Dall vun der Ahr ënnerwee wou d'Iwwerschwemmungen am Summer besonnesch schlëmm waren. Mir hunn schonn héieren, dass ëmmer nach vill Hëllef gebraucht gëtt. Jiddereen esou wéi en kann. Esou och fir d'Amicale vun den Ettelbrécker Pompjeeën, si hunn nämlech eng Noutfallkichen. Mat där kënnen si fir bis zu 1000 Leit kachen. Meeschtens gëtt si op Fester gebraucht, mee och schonn bei den Iwwerschwemmunge vum Ettelbrécker Spidol ass d'Kichen an den Asaz komm. Iwwer 40 Joer hunn si déi elo schonn an dëse Weekend ass si fir d'Iwwerschwemmungsaffer an d'Aarbechter déi Säit der Grenz geholl ginn. D'Lea Schwartz huet si de Freideg schonn bei der Iessensverdeelung getraff.



04/10/2021 Hëllef fir d'Iwwerschwemmungsaffer - Kachen fir 800 Leit

Source: <https://www.rtl.lu/radio/reportage/s/3679869.html>

Hëllef fir d'Iwwerschwemmungsaffer - Hëllef ass ëmmer nach néideg!

An eisem RTL-Wecker geet et haut ëm eng Lëtzebuerger Organisatioun, déi de Weekend am Dall vun der Ahr fir d'Iwwerschwemmungsaffer an déi Leit, déi ëmmer nach bei den Opraumarbechten hëllef, gekacht hunn. 18 Tonne Liewensmëttel hunn si mat an d'Rheinlandpfalz geholl a bekäschtege pro Moolzecht ëm 800 hongreg Leit. D'Liewensmëttel sinn e groussen Deel Spende vun Lëtzebuerger Produzenten. Eis RTL-Reporterin Lea Schwartz huet si begleet an Andréck aus der Géigend gesammelt, wou och nach zwee an en hallwe Mount no den Iwwerschwemmungen d'Welt ëmmer nach op der Kopp steet.



04/10/2021 Hëllef fir d'Iwwerschwemmungsaffer - Hëllef ass ëmmer nach néideg

Source: <https://www.rtl.lu/radio/reportage/s/3679867.html>

Hëllef fir d'Iwwerschwemmungsaffer - Déi lescht Préparatiounen

Déi schlëmm Iwwerschwemmungen am Juli hu vill Leit matgeholl. Et ass mëttlerweil bësse méi zwee Méint hier, wéi praktesch iwwer Nuecht bei eis, an der Belsch an a Rheinland-Pfalz d'Flëss esou staark geklomme sinn, dass ganz Uertschaften iwwerschwemmt waren. Virun allem am Dall vun der Ahr war et uerg, 313 Leit si gestuerwen, verschiddener ginn ëmmer nach vermësst. D'Amicale vun den Ettelbrécker Pompjeeë war dëse Weekend op der Plaz fir eng Hand mat unzepaken. Eis RTL Reporterin Lea Schwartz huet si begleet an war och schonn een Dag am virus op der Plaz an zwar wéi zu Ettelbréck an der Däichhal, déi lescht Liewensmëttel agepaakt goufen.



04/10/2021 Hëllef fir d'Iwwerschwemmungsaffer - Déi lescht Préparatiounen

Source : <https://www.rtl.lu/news/national/a/1816749.html>